Infoblat

No 3 / 2007

Juli 2007 - Certificatsiwwerreechung

D'Asbl „MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch" hat e Freideg de 6. Juli op hir Certificatsiwwerreechung invitéiert, déi am Konschthaus „Beim Engel" an der Stad ofgehale gouf.
Heibäi koumen déi Leit zu Éieren, déi während dem Schouljoer 2006/07 un engem Lëtzebuergeschcours deelgeholl haten. Am Ganze ware 7 mam Educatiounsministère conventionnéiert Coursen (Niveauen 1,2,3,4, ee Conversatiounscours an 2 Orthographiescoursen) vun der Asbl organiséiert ginn.
Déi Course sinn an de Gemenge Stroossen, Monnerech an Diddeleng ofgehale ginn. 91 Leit waren ageschriwwen, dovu kruten der 55 e Certificat.
No enger kuerzer Usprooch, an där d'Presidentin Jackie Weber-Messerich de Participantë fir hire Courage an hiren Intressi un der Lëtzebuerger Sprooch gratuléiert an de Chargées-de-course fir hiren Asaz Merci gesot huet, hunn d'Chargéeën Denise Heiderscheid, Danielle Laschet-Schanen, Nelly Linster-Hinzy a Geneviève Magnette-Barthel hire jeweilege Schüler d'Certificaten iwwerreecht.
Den Owend gouf bei engem gemittleche Patt ofgeschloss.

Och am Summer hat eis Asbl erëm Lëtzebuergeschintensivcoursen organiséiert. An 2 Sessioune waren am Ganzen iwwer 100 Leit a 4 verschiddenen Niveauen ageschriwwen. Si kréien hire Certificat e Freideg, den 21. September am Konschthaus „Beim Engel" iwwerreecht.

D' A.s.b.l. ***» Moien - Eng Bréck fir eis Sprooch »***

proposéiert eng

VISITE GUIDÉE
vun der "Chamber"
(Chambre des Députés)

WÉINI : En Donneschdeg, den 8. November 2007
um 16:30
(Dauer: ongeféier 1 Stonn)

WOU : RV virun der Chamber

D'Visite ass gratis

Mellt Iech w.e.g. bis den 3.11.un:

info@moienasbl.com

Tel: 26 311 343
Fax: 26 311 342

Dir kënnt gär Är Frënn a Bekannte matbréngen

Journée de rencontre den 20. Oktober zu Iechternach

Eent vun eisen Ziler ass et, eng Plattform ze schafen, fir sech am Beräich vun der Lëtzebuerger Sprooch z'informéieren an auszetauschen.

Dofir organiséiere mir e Samschdeg, den 20. Oktober 2007 eng „Journée d'échange et de réflexion" zu Iechternach fir all Lëtzebuergeschformateuren.

Dës Journée riicht sech also un all déi, déi am Kader vun der Erwuessebildung Lëtzbuergeschcoursë ginn, sief et an enger Gemeng, enger Associatioun, an enger privater Sproocheschoul oder soss enger Institutioun.

Gehéiert Dir dozou, da mellt iech w.e.g. bei eis.

Informatioun iwwert Hierscht- a Wantercoursen

Am Schouljoer 2007-08 organiséiert d'Asbl „MOIEN-Eng Bréck fir eis Sprooch" Lëtzebuergeschcoursen, déi mam Educatiounsministère conventionnéiert sinn.

Dat si souwuel Coursë fir eis auslännesch Matbierger (Niveau 1, 2, 3 a Conversatioun) wéi och Orthographies- a Grammairescoursë fir déi Leit, déi hir schrëftlech Kompetenze perfektionnéiere wëllen. Den Detail vun eisem Programm fannt Dir op eisem Internetsite www.moienasbl.com . Dir kënnt Iech natierlech och gär iwwer Telefon oder E-Mail renseignéieren oder aschreiwen.

COURS de LUXEMBOURGEOIS conventionnés par le Ministère de l'Education nationale Octobre 2007 / Juin 2008

Description	Début	Fin	Rythme	Horaires	Lieu	Chargé-e de cours
Lux niveau 1	07/01/08	21/04/08	2x par sem.	LU et ME 19h15-21h15	LUX.-BELAIR (ATHÉNÉE)	Marie-Thérèse Gouden-Heinen
Lux niveau 2	08/10/07	21/01/08	2x par sem.	LU et ME 19h15-21h15	STRASSEN	Nelly Linster-Hinzy
Lux niveau 3	11/02/08	26/05/08	2x par sem.	LU et ME 19h15-21h15	STRASSEN	Nelly Linster-Hinzy
Lux niveau 3	08/10/07	09/06/08	1x par sem.	LU 12h15 – 13h45	LUX.-GASPERICH	Marco Garcia
Conversation	11/10/07	08/05/08	1x par sem.	JE 9h15-11h15	STRASSEN	Geneviève Magnette-Barthel
Conversation	10/10/07	07/05/08	1x par sem.	ME 18h30 – 20h30	BERGEM	Danielle Laschet-Schanen
Orthographe	17/10/07	21/11/07	1x par sem.	ME 9h30-11h30	LUX-GASPERICH	Marianne Johanns-Schlechter
Orthographe et grammaire	15/02/08	02/05/08	1x par sem.	VE 19h – 21h	LUX.-GASPERICH	Denise Heiderscheid

Gewannt e Menu fir zwou Persounen am neie Restaurant Mëllerefer Stuff zu Steesel !

Am Menu sinn e puer Schreiffeeler. Schéckt oder faxt eis d'Verbesserung mat Numm an Telefonsnummer bis Enn Oktober. Bei e puer richtegen Äntwerten entscheet d'Lous.

D'Entréeën

Basilikumszopp mat gereecherter Saumon
Potage au basilic et au saumon fumé

Rëndstartar mat Trüffelueleg
Tartare de boeuf à l'huile de truffe

D' Haaptplaten

Hämmelsfilet an der Kraiderkuscht mat Ratatouille
Filet d'agneau en croûte d'herbes avec ratatouille

Poussin mat Nuddelen, Champignonszooss a grénge Drauwen
Poussin rôti aux raisins blancs accompagné de pâtes et d'une sauce aux champignons

Paschtéitchen mat Fritten an Zalot
Bouchée à la reine avec frites et salade

Desserten

Marinéiert Äerdbiere mat Vanillecrème an Äerdbiersglace
Fraises marinées à la crème vanille et glace de fraises

Schockelasbisquit mat Mascarpone Crème a kalen Hunnegbiren
Biscuit au chocolat au mascarpone et aux poires au miel froides

Restaurant Mëllerefer Stuff
1, rue de l'Alzette
Müllendorf – Steinsel
Tél : 26 33 21 60

MOIEN
Eng Bréck fir eis Sprooch
a.s.b.l.

Gitt Member !